Pressecommuniqué

29.6.2021

Centre national de littérature
2, rue Emmanuel Servais
L-7565 Mersch

# CNL am Summer

Den 18. Juli 2021 invitéiert de Centre national de littérature a Kooperatioun mam Mierscher Lieshaus op den traditionelle Summerdag vun der Literatur a sengem Park zu Miersch, mat Liesungen, Gespréicher, Musek an enger flotter Summerstëmmung. Ze entdecke si ganz frësch Publikatiounen an, en Avant-Première, Neies vum Bichermaart.

Et erwaart Iech, a moies och Är Kanner, e villfältege Programm: Aus hire rezenten, deels nach onveröffentlechte Wierker liese Yorick Schmit, Marina Fonseca, Lisa Junius, Margret Steckel, Friederike Migneco, Anne-Marie Reuter, Elise Schmit, Jeff Schinker, Joseph Kayser a Francis Kirps. De CNL stellt säin neit Hörbuch *Tier und Mensch* mat Texter vun der Marie-Henriette Steil aus den 1920er Joere vir. Dem Radio 100,7 seng Literatursendung *Déi wonnerbar VaLibrairie* kënnt deen Dag live aus dem CNL. An d'Claudine Muno spillt Lidder vun hirer neier CD *Are you still listening?*

Hei ass de Programm am Detail:

10:00 Yorick Schmit: *D'Sandmeedchen*

10:30 Marina Fonseca, Lisa Junius: *Waking the Mountain*
Dëst Kannerbuch gëtt op Lëtzebuergesch an op Englesch virgestallt.

11:00 *Déi wonnerbar VaLibrairie LIVE* – a Kooperatioun mam radio 100,7

12:15 Margret Steckel: *Daisy Fiedler*
Friederike Migneco: *Im aufsteigenden Zeichen*

13:00 Claudine Muno: *Are you still listening?*

14:00 Anne-Marie Reuter: *Blue*
Elise Schmit: *Blue like a Tangerine*

14:30 Avant-première: Jeff Schinker: *Ma vie sous les tentes*

15:15 De CNL stellt säin neit Hörbuch vir:
Marie-Henriette Steil: *Tier und Mensch*

16:00 Avant-première: Joseph Kayser: *Lapsuus*

16:30 Francis Kirps: *Eber im Nebel*

E Sonndeg, den 18. Juli 2021, vun 10 bis 17 Auer am Park vum Centre national de littérature, 2, rue Emmanuel Servais, Miersch.

Et gëllen déi legal Dispositiounen am Zesummenhang mat der COVID-19 Sanitärkris.